*21.09.2023*

Bericht vun der WM an Spuenien 2023



Fänken mer mol eng Kéier hannen un, mam Klassement. 14ten Equipe ënner nëmmen 23 Natiounen déi sech ageschriwwen hunn. D' Resultat, do sinn mer eis eens, ass mat Sécherheet net dat Bescht, mee do kann ech awer a menger Erfarung déi ech an 30 Joer gesammelt hunn, folgendes dozou soen.

2019, wou ech ob meng Bedeelegung verzicht hunn, fir als Ënnerstëtzter vun der Equipe matzefueren, do hunn ech a mengem Bericht schonns eng Kéier erwäänt. Mir sinn an bleiwen eng kleng Natioun, mat wéineg bis guer keng Méiglechkeeten wat esou Fëschereien ugeet. Dann kommen nach déi vill Aschränkungen, déi mer vun der Gesetzessäit kréien. Fermeturën vun eisen Gewässer, déi et nëmmen bei eis ginn, an déi eis zwéngen ob aner Gewässer respektiv Fëschereien auszewäichen. Kloer ass sécher, dass et eng gutt Dosen Natiounen ginn, wou mir net méi laanscht kommen wäerten am Endklassement. Och den Altersduerchschnëtt ass eng méiglech Ursaach dovun, ech mengen dass eis Equipe am Duerchschnëtt eng vun deenen Eelsten wor. Do geet munches net méi alles esou schnell an fein vun Hand. Trotzdeem huet all Fëscher an Begleeder säi Bescht ginn, an dat ass jo am Endeffekt dat wat gezielt huet.

Kommen mer elo zum Eigentlechen, dem Bericht vun dëser 69ter Weltmeeschterschaft, déi dëst Joer organiséiert ginn ass vun der spuenescher Federatioun, an zwar an deenen zwou Uertschaften Mequinenza an Fayon, dat ganzt am Ebrodelta an der Provënz Aragon. Zu Mequinenza selwer ass den Floss Sègre deen do direkt an den Ebro iwwergeet. Well den Ebro an dëser Regioun gestaut ass, gläicht dat Ganzt éischter engem groussen Séi. Eisen Quartier hunn mer bezunn am Ebro Fishing Camp direkt ob der géigeniwwer Säit vun Mequinenza selwer. Also haten mer vun der Distanz hir et relativ no an Uertschaft.

Méindes wor eisen éischten Trainingsdag. Do haten mer d' Endbox zu Fayon am Secteur "E". Well mer an sech vill Infoen am Viraus kritt hunn vun engem spueneschen Fëscher, hu mer eis och doraus een Programm zesummegestallt fir ons Trainingen. Mir hunn och all relativ gefaangen, mee no enger gewëssen Zäit huet eis deen staarken Wand awer dunn richteg Schwieregkeeten gemaach. Déi eng hunn trotz allem weider ob der 11,50 Meter Bunn geféscht, déi Aner sinn un Bordure zeréckkomm. Et wor schnell festzestellen, dass egal ob wat fir enger Distanz een geféscht huet, Touchen goufen et iwwerall. Mir hunn och dunn direkt gemierkt dass vill Blénkerten ob der Streck waren, Duerchschnettsgewiicht ëm déi 25-30 Gramm. Onzefridden waren mer net, mee d' Aarbecht, dat wossten mer vum éischten Dag un, der géif der vill ob eis duerkommen.

Dënschdes an Mëttwochs hu mer an den Secteuren "A" an "B" trainéiert. Dat wor wéinst der gerénger Waasser Déift, max. 1,80 mtr, schonns eppes ganz Aneschters. Platzen hei waren allerdéngs super wëlls de an sech ob enger Schnouerriichter Esplanade souz. Och hei hu mer festgestallt dass ob allen Distanzen Fësch ze fänken wären.

Mëttwochs an Donneschdes ass et dunn direkt nees an dat 30 Kilometer weidert Fayon gaangen. Dës Kéier an den Secteuren C an D. An do koum och déi eigentlech Erausfuerderung. Am Virfeld ass vun Waasserdéiften vun bis zu 12 Meter geschwat ginn. An esou Déiften, wann's de Pech has, kanns de déi direkt ob enger gerénger Distanz zum Ufer schonns hunn. Nichtsdestotrotz hu mer eis Fëscherei opgebaut, déi éischt Stonn den Blénkert fëschen, haaptsächlech fir ze kucken wéivillt Gewiicht do erauskommen kéint, duerno déi Eng weider ob der Bordure awer Richtung Fong, déi Aner eben ob verschidden Distanzen méi wäit dobaussen. Och hei kanns de feststellen dass iwwerall Fësch wären. Als Beispill vun der Déift geschwat, ech selwer hat am Training am Secteur C eng Platz wou ech mat der 11 Meter Staang 10,50 Meter Waasser hat. Hunn do och déi lescht Stonn probéiert, an hunn eng Rei Plaquetten gefaang. Ech kann Iech just soen, hieft mol eng 11 Meter Staang mat 11 Meter Nylon mat engem 250 Gramm schwéieren Fësch eraus. Jo, dat ginn Äerm an erspuert der d' Memberskaart an engem Fitnesszenter.

Esou ass d' Woch an sech och nees schnell ëmgaangen an mir wossten schonns an sech wat ze maachen wär, déi zwee Competitiounsdeeg. Baséiert ob eis Trainingseenheeten hunn mer dunn eis Competitioun fir Samschdes an Sonndes virbereet. Respekt wollt ech nach eisem Jadin Serge zollen. Well hien net richteg eens ginn ass an den Trainingen, huet hien ob seng Platz verzicht an dem Zwick Romain dës fir Samschdes iwwerlooss. Den Rom wor als Reserve an der Equipe matgefuer. Dat hunn ganz wéineg Leit bis elo fäerdeg bruecht. Do erkennt een eréischt deen eigentlechen Charakter vun engem Mensch.

Samschdes dunn deen éischten Dag vun dëser Weltmeeschterschaft. Mir waren all an sech schonns gespaant wéi mer eis aus der Affaire géifen eraus zeien. Esou schlecht waren eis Resultater wärend eisen Trainingssessiounen net. Nodeems dunn all Fëscher hannert sengem Stand placéiert war, ass just nach gewaart ginn bis den Concours géif ugoen. Kann leider net vill zu deenen vereenzelten Fëscher an Resultater soen, well ech jo selwer och geféscht hunn. Leider huet keen vun eis et ënnert déi 10 Éischt an hiren respektiven Secteuren gepackt. No 4 Stonnen louchen mer dunn och ob enger éischter enttäuschender 17ter Platz mat 79 Punkten. Dat Eenzecht wat awer villäicht ze ernimmen ass, dat ass dem Weber Marc seng katastrophal Platz ob der Streck. An dem Secteur C wou hien souz wor fréier eng Fabrik an direkt niewent sengem Stand stoung e Gebai 20 Meter an d’ Waasser eran. Well awer elo deen Dag relativ vill Loft wor, sinn d’ Wellen vun riets no lenks géint Mauer vun dem Gebai geschloen an dunn och nees direkt zeréck. Eng propper Féierung, respektiv Touchen ze erkennen, war méi ewéi onméiglech. Do stellt een sech dann elo déi éischten Kéier d’ Fro firwat matten am Secteur esou eppes zougelooss gëtt.

Mir hunn Käpp awer net hänken gelooss, dofir war Aarbecht déi wou ganz Woch geleescht ginn ass, awer ze gutt. Mat neiem Elan sinn mer dunn an den zweeten Dag eran gaang. Den Weber Marc ass dunn Sonndes ersat ginn duerch den Jadin Serge, deen esou awer säin Asaz kritt huet. Sonndes dann, envisagéiert haten mer do schonns en eestellegt Resultat wéinstens den zweeten Dag. Mat 62 Punkten hunn mer déi 12te Platz deen Duerchgang gemaach. Am Generalklassement sinn mer mol eng Kéier nach en bëssen no fir komm: 14te vun am ganzen 23 Equippen.

Am Endeffekt wor d’ Equipe mat dem Resultat net onbedéngt onzefridden. Et war awer sécherlech méi dran. Do waren mer eis och all eens. Mir brauchen och elo net mei ob alles anzegoen wat geännert muss ginn. Hunn dat jo schonns am Ufank vun mengem Bericht bruecht. Resultater vun der gesamter Weltmeeschterschaft kënn der um Site vun der FLPS nokucken. Um Banquet Sonndes owes hunn ech dunn trotzdeem gemierkt un den Aussoen vun den Fëscher dass et fir déi Meescht eng flott Weltmeeschterschaft wor. Aleng duerch d’ Hëllef vun den Leit hannendrun haten Fëscher selwer vill mei Zeit sech ob hiren Training ze konzentréieren. Dofir wier et begréissenswäert, dass wei och dëst Joer an Zukunft weider Leit sech géifen motivéieren fir mat eisen Kaderfëscher ob esou Evenementer mat ze goen fir eng Hand unzepaken.

Wei ëmmer zum Schluss en Merci un all déi wou eis ëmmer hëllefen. Sponsoren vun der Sektioun, Fishing World, Aqua Zoo Pêche an Assurance la Lux. Merci och un Begleeder, Frënn, déi Käschten an Rees ob sech geholl hunn fir d’ Fëscher ze begleeden. Dat waren den Raach Vali mam Maik, Raach Steve, Braun Camille an meng bescht zweet Hallschent Viv. Als Offiziell waren mat den Quintus Jeff, eisen Trainer an den Grün John, President vun eiser Sportsektioun. Merci och nach un den Sportsministère deen eis congé sportif zougesot huet. En plus ass och nach den Olinger Nic eis besichen komm. Den Nic wunnt schonns säit längerer Zeit zu Mequinenza an wor frou mol nees kennen eng Woch laang all Frënn erëm ze gesinn. Zu gudder Lescht nach en Merci un Equipe. Ech soen et nach eng Kéier, an dat sinn meng éierlech Wierder. Hunn ofgehal mat zielen wéi oft

ech an deenen leschten 30 Joer derbäi war. Mee, déi heiten Weltmeeschterschaft wor fir mech déi Schéinsten déi ech mat konnt erliewen. Hei huet alles gepasst, Diskussiounen jo, awer ëmmer am Rahmen vun der Fairness an der Héiflechkeet. Hoffen dass et an Zukunft esou bleiwen kann. An dofir och mäin erneiten Obruff un Generatioun hannendrun. Scheit Iech net fir mat ze goen, respektiv wann der Iech qualifizéiert, och är Platz an der Equipe anzehuelen. Strukturen nach besser ausschaffen, dann kennen mer och villäicht mol nees en eestellegt Resultat bréngen.

Resultater:

43 Fernand Schmitt mat 19 Punkten an 33.510 Gramm

52 Frank Meis mat 22 Punkten an 31.360 Gramm

61 Romain Zwick mat 26 Punkten an 36.200 Gramm

81 Steve Braun mat 31 Punkten an 25.860 Gramm

119 Serge Jadin mat X+21 Punkten an 10.420 Gramm

123 Marc Weber mat 22+X Punkten an 7.550 Gramm

Fernand Schmitt